400 JOER KOLLÉISCH
le 15 mars 2003

Här Direkter,
Dir Dammen, Dir Häre, léif Kolleegen!

Ech heeschen Iech wëllkomm an der Salle Mansfeld vun der Nationalbibliothéik, fir munnecher ee vun ons nach d'Aula vum Kolléisch. Et ass eng Satisfaktioun, souguer eng speziell Freed fir de Verwaltungsrot vun onser Associatioun ze gesinn, wéivillt vun Iech d'ausgezeechent Iddi vum Gilbert notzen, an d'Ausstellunge vu 400 Joer Kolléisch matt ons kucken ze goen. All Kéier, wann ons Gesellschaft unerkannt gëtt, appreciéiere mer dat an et éiert ons.

Virun engem Mount ass mäi Kolleeg a Frënd, den Dr. Alfred Lamesch matt der Légion d'Honneur ausgezeechent ginn, oder seet een, "en ass zum chevalier geschloe ginn»

Als treie Member hat hie proposéiert, och d'Anciens fir d'Iwwerreechung vun der Dekoratioun anzelueden. Ech gouf dem Ambassadeur an der Madame Pierre Garrigue-Guyonnaud als Präsident virgestallt an hunn hinnen iwwert den Alen-, den Neie Kolléisch an iwwert ons Associatioun erziele kënnen. Dorops hin hu si de Vernissage vun dëser Ausstellung duerch hir Präsenz geéiert. Nach eng Kéier Merci, merci Alfred a Felicitatiounen.

Här Direkter!

400 Joer Kolléisch, dat sinn haaptsächlech esou vill Promotioune vun Anciens. Wärend senger "Campagne d'Egypte" huet den Napoléon sengen Zaldoten zougeruff: «Soldats, 40 siècles vous regardent du haut de ces Pyramides».Dir kënnt soen: «Elèven, géint 400 Promotiounen Anciens kucken Iech no, wann Dier är Datze schreift ! Op et eppes déngt, weess ech net.

400 Joer Kolléisch sinn d'Erënnerung un d'Vergaangenheet vun der Schoul an d'Evokatioun vun hirer Zukunft. Ech recommandéieren Iech d'Lektür vun zwee ganz verschiddene Bicher, bei der Ausaarbecht vun deene mir a viischter Front stoungen: dem Paul Diederich säi "Wohnort und Schule, Athaenaeum 1932-1946, a 400 Joer Kolléisch. Béid Bicher kritt Der duerch Iwwerweise vun Euro 24, resp. Euro 125 op den CCP A.A.A.Manifestations

Eenzeler vun Iech wëssen,dass ech en heemlechen Hobby hunn, dat ass d'lokal Geschicht an de Folklore. All Kéier, wann ech meng Nues,wou et och war, an dat Gebidd gestach hunn, sinn ech den Numm vun der Madame

Reuter begéint. Ech konnt mat hier Dokumenter an Iddien austauschen. Ech hunn eng Damm kenne geleiert, déi dräi Eegenschaften huet, déi ee seelen, ganz seele beim selwechte Mënsch erëm fannen: si ass intelligent, fläisseg a gentille.

Nodeem den Här Direkter e puer Wuert un ons geriicht huet, vertrauen ech Iech der Madame Reuter un. Der sidd a gudden Hänn!

Jos Mersch